# 2026/27 : COURS À OPTION – CLASSES DE 3E

# Titre : LGE Time Travel
#LGE125

Titulaire(s) du cours : Anne Hoffmann
Classes : 3es
Horaires : Jeudi, 7h55 – 9h40
Salle : Salle de classe
Nombre maximal d'élèves : 15

## Finalités et objectifs de l'option

Am Schouljoer 2026-2027 feiert den LGE 125 Joer. An dëser Optioun kënnen d'Schülerinnen a Schüler an d'Vergaangenheet vum LGE reesen a mat gréisstendeels onbekanntem Archivmaterial schaffen. Ausserdeem besteet d'Méiglechkeet, datt d'Schülerinnen a Schüler hire Bäitrag bei der *Séance académique* um Enn vum Schouljoer präsentéieren souwéi an der Broschür LGE 125 Joer publizéieren.

## Programme

Follgend Punkten wäerte mir ënnert anerem an der Optioun behandelen:

- **D'Vergaangenheet vum LGE** erfuerschen: Wéi war d'Liewen vun den Schüler am Lycée z.B. 1901, an den 20er Joren, ënnert der Occupatioun 1940-1944, an den 50er an 60er Joren….?

- Um **Archivmaterial schaffen**, dat sech aktuell nach am LGE befënnt an d'**Aarbecht vum Historiker** méi genee kenneléieren.

- **D'Nationalarchiv an aner fir den Sujet relevant Platzen besiche** goen.



*Déi éischt Promotioun aus dem LGE (deemools Ecole Industrielle et Commerciale d'Esch-sur-Alzette) aus dem Joer 1906*

- Weidert Archivmaterial iwwert den LGE sichen, zum Deel iwwert **Social Media**.

- Biographië vu Schüler aus dem LGE verfaassen, déi wärend dem Zweete Weltkrich verfollegt goufen. Dëst gëtt **zesumme mam Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History (C2DH)** realiséiert a d'Biographië ginn duerno online publizéiert op dem **Mémorial Digital de la Shoah.**

## Méthodologie et déroulement

Mir schaffen all zesummen, mee och individuell. All Schülerin an all Schüler kann déi Epoch auswielen, un där si oder hien schaffe wëll, vun der Grënnung 1901 vun der Ecole Industrielle et Commerciale bis hin zur rezenter Geschicht vum LGE.

## Public cible

**Des Optioun ass genau richteg fir dech, wanns du hues Loscht, d'Vergaangenheet vum LGE ze erfuerschen, op spannenden, zum Deel bis elo onbekannten Dokumenter ze schaffen, gläichzäiteg digital Medien ze benotzen an mat externen Partner zesummen ze schaffen.**
**Zesummen maachen mir d'Vergaangenheet vum LGE erëm sichtbar.**

## Equipement requis

iPad oder Laptop